

Lëtzebuerg, den 18. November 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*„Mam Gesetz vum 3. Februar 2021, dat d’Gesetz vun 2007 iwwer den Energiemarché modifizéiert, ass d’Autoconsommation vun den erneierbaren Energien, déi ee selwer produzéiert, vereinfacht ginn. Donieft ass och d’Méiglechkeet, eng energetesch Gemeinschaft ze grënnen, geschaf ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Stéit hunn an de leschte fënnef Joer (2021 ageschloss), pro Joer, iwwer eng Photovoltaikanlag selwer Stroum produzéiert?*
- *Wéi vill vun deene Stéit hunn de produzéierte Stroum selwer consomméiert?*
- *Wéi vill energetesch Gemeinschaften sinn zënter dem Akraafttriede vum genannte Gesetz gegrënnt ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu